



Äntwert vun der Justizministesch a vun der Delegéiert Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 4066 vum 7. Mee 2026 vum honorabelen Deputéierten, Marc GOERGEN, betreffend der „protection des sources dans le journalisme“.

- 1. Dierf d'Justiz an enger Enquête d'Kommunikatioun mat Journaliste liesen a saisieren, wann se dës op engem Handy, PC oder sos schrëftlechen Dokumenter bei der enquetéierter Persoun fënnt?**
- 2. Ënner wéi enge Konditiounen kann d'Justiz Zougang zu Kommunikatiounen vu Journalisten (E-Mails, Messagen, Telefonsdaten) kréien, wann dës selwer net bedeelegt an engem Dossier sinn?**

Déi éischt zwou Froen bezéien sech op déi nämmelech Artikelen.

D'Gesetz vum 8. Juni 2004 „*sur la liberté d'expression dans les médias*“ gesäit e staarke Schutz vum journalistesche Quelleschutz vir. Geméiss dem Artikel 7(1), erlaabt dëst Recht et engem professionnelle Journalist, wann hien als Zéie vun enger administrativer Autoritéit oder virun der Justiz am Kader vun enger administrativer oder geriichtlecher Prozedur gehéiert gëtt, d'Identitéit vu senger Quelle souwéi de Contenu vun den Informatiounen, déi hie gesammelt huet, net erauszeginn. Nieft de Journalisten, kënnen och Editeuren, an all aner Persounen, déi am Kader vun hire professionnelle Relatiounen mat Journaliste Kenntnissener hunn, déi eng Quell identifizéieren kéinten, sech op dëst Recht beruffen.

Geméiss dem Artikel 7(3) vum uewe genannte Gesetz, müssen d'Police- an d'Justizautoritéiten souwéi d'Administratiounen sech alle Moosnamen enthalten, déi drop ausgeriicht sinn oder den Effekt hunn, d'Quelleschutz-Recht ze ëmgoen. Wann Informatiounen, déi eng Quell identifizéieren, zoufällig während enger Enquête fonnt ginn, ouni datt dat den ursprënglechen Zweck vun der Enquête war, da kënnen dës Informatiounen geméiss Artikel 7(4) net als Beweismaterial an enger Prozedur benotzt ginn. Dëse Prinzip gouf och am Arrêt *Roemen a Schmit géint Lëtzebuerg* (Req. Nr. 51772/99, 25. Februar 2003) vun der Cour européenne des droits de l'homme festgehalen.

Allerdéngs gesäit d'Gesetz eng Ausnam vir. Geméiss dem Artikel 8 vum Gesetz, kann eng Divulgatioun justifiéiert sinn, wann et ëm d'Preventioun, d'Verfolgung oder d'Repressioun vu Verbrëche géint Persounen, Drogenhandel, Geldwäsch, Terrorismus oder Verstéiss géint d'Sécherheet vum Staat geet. An dës spezifesch Fäll kënnen d'Journalisten an déi aner betraffe Persounen sech net op de Quelleschutz beruffen, a Saisien oder Perquisitiounen kënnen deemno ordonéiert ginn.

- 3. Ass de Quelleschutz fir Journaliste genee esou streng gereegelt, ewéi bei de Kommunikatiounen tëschent Affekoten an hire Clienten?**

De journalistesche Quelleschutz ass e fundamentale Pilier vun der Pressefräiheet an erlaabt et professionnelle Journalisten, d'Identitéit vun hire Quellen an den Inhalt vun hirer Recherche



geheim ze halen. Deen Prinzip gëtt och an der Europäescher Jurisprudenz festgehalten an duerch den Artikel 10 vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun geschützt, deem de Quelleschutz als eng essentiel Viraussetzung fir d'Ausübe vun der Pressefräiheet unerkennt. Och wann d'Autoritéiten dëst Recht net dierfen ëmginn, ginn et, wéi uewe beschriwwen, Ausname bei Verbrëche géint Persounen, Drogenhandel, Geldwäsch, Terrorismus oder Verstéiss géint d'Sécherheet vum Staat.

Geméiss dem Artikel 458 vum Code pénal, ënnerläit den Affekot dem Berufsgeheimnis. D'Geheimnis vun de Kommunikatiounen tëscht dem Affekot a sengem Client gëllt als onverletzlech. Dëst Geheimnis vun de Kommunikatiounen huet zum Zweck et dem Client ze erlaben sech kënne sengem Affekot unzevertrauen, fir esou säin Droit de la défense och wierklech kënnen auszeüben. Trotz der Onverletzlechkeet vum Berufsgeheimnis vum Affekot, ënnerläit hien den Obligatioun vum Gesetz iwwer Geldwäsch a Finanzéierung vun Terrorismus. Dëst féiert zu engem Konvergenzpunkt tëscht dem Quelleschutz an dem Secret professionnel vum Affekot. An de Beräicher vu Geldwäsch an Terrorismus kënnen deemno weder Journalisten nach Affekoten sech op hir d'Recht beruffen. Den Artikel 35(3) vum geännerte Gesetz vum 10. August 1991 „*sur la profession d'avocat*“ gesäit awer vir, datt wann eng Moosnam, wéi eng Perquisitioun oder eng Saisie, bei engem Affekot duerchgefouert gëtt, déi obligatoresch muss an der Präsenz vum Bâtonnier oder sengem Verrieder stattfannen, soss ass den Akt ongëlteg. De Regime, deem d'Affekote reegelt, ass deemno méi strikt. D'Prozedur ass méi staark encadréiert an erfuerdert eng extern Kontrollinstanz.

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2026

D' Justizministes

(s.) Elisabeth Margue